

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdedegungsminister weiderzeleeden.

An engem Interview am Forum mam Titel "Die Armee- ein interessantes Unternehmen" vum 11. September 2017 huet déi deemoleg Staatssekretärin fir Verdedegung, Francine Closener, ënner anerem dës Aussoe gemaach:

"Zwei der geplanten Hubschrauber sollen in Luxemburg stationiert sein, der dritte in Belgien. Dieser Hubschrauber soll auch für maritime Einsätze ausgestattet sein, um entlang der belgischen Küste eingesetzt zu werden."

An dem Kontext wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen :

1. Entsprécht déi Ausso vun der deemoleger Staatssekretärin nach de Pläng vun där aktueller Regierung?
2. Wéi vill Helikoptere wëll déi aktuell Regierung nach kafen a wéi sollen déi agesat ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten